Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. September 2023

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

D'Gemenge stellen de Parteien am Kader vum Walkampf op eenzelen, offizielle Plazen, ausgewise Panneaue bereet, wou all d'Parteien hir Plakater mat de Kandidate kënnen ophänken, fir dës de Leit virzestellen. Esou wéi et mir zougedroe gouf, huet d'Gemeng Ëlwen manner entspriechend Panneauen opgestallt, ewéi Parteien mat Lëschten am Bezierk Norden fir d'Chamberswalen untrieden. Eenzel Parteien konnten hir Lëschten ënnert deenen Ëmstänn net aushänken.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Banneminister gär dës dréngend Froe stellen:

1) Sinn der Madamm Banneminister dës Virgäng bekannt? Falls jo, gesäit si doran net eng Verzerrung vun der demokratescher Kompetitioun, well eenzel Parteien sech dem Wieler guer net, oder just mat Verspéidung kënne presentéieren?
2) Falls déi feelend Panneauen op e kuerzfristege Materialmangel zeréckzeféiere sinn, well méi Parteien ugetruede sinn, wéi ursprénglech ze erwaarde war, gesäit d'Madamm Minister dann eng Méiglechkeet, fir deene betraffene Gemenge kuerzfristeg aus Bestänn vum Staat ënnert d'Äerm ze gräifen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten